Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/10/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Wunnengsbau weiderzeleeden.

Fir kënne beim Fonds de logement oder dem SNHBM eng abordabel Wunneng ze lounen, muss ee verschidde Krittären erfëllen an et gëtt een no engem Punktesystem op eng Waardelëscht gesat. Wann een dann d'Chance huet, eng vun dëse Wunnengen ze kréien, gëtt de Loyer, deen ee muss bezuelen, op Grond vum *Revenu net disponible* gerechent.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Ass de Minister der Meenung, dass bei der Rechnung fir de *Loyer social* z'ermëttelen, nieft dem *Revenu net disponible,* och d'*dépenses à long terme,* wéi zum Beispill eng Saisie, eng Steierschold oder eng *Pension alimentaire*, misste berécksiichtegt ginn? Firwat gëtt dat net gemaach?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député